LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

Luxembourg, le 2 avril 2021

REÇU
Par Christine Wirtgen , 09:09, 06/04/2021

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, bld Roosevelt
L-2450 Luxembourg

**Concerne : Question parlementaire n° 3851 du 12 mars 2021 de l'honorable Député Marc Goergen concernant les compétences des directeurs des syndicats communaux**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

La Ministre de l'Intérieur

Taina Bofferding

**Äntwert vun der Madame Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°3851 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen zum Sujet "Compétences des directeurs des syndicats communaux"**

**Fro 1.**

Genee wéi déi allermeescht Funktiounen, déi et am Gemengesecteur ginn, ass déi vum Ingénieur-Directeur net explizit am Gemengen- oder Syndikatsgesetz ernimmt. Si ass awer am Artikel 12 vum ofgeännerte groussherzogleche Reglement vum 28. Juli 2017, dat d'Traitementer vun de Gemengebeamte fixéiert, virgesinn.

**Fro 2.**

Am Kader vun den Aarbechten zu der Reform vum Gemengegesetz schielt sech eraus, dass eng Délégation de signature eng substanziell administrativ Vereinfachung an ee méi efficacë Fonctionnement vun de Verwaltunge géif erbäiféieren.

**Fro 3.**

Dat aktuellt Gemengegesetz erlaabt, dass den Direkter wéi och aner Persounen, déi keng effektiv Membere vum Bureau sinn, punktuell un de Sëtzunge vum Bureau kënnen deelhuelen, wann dat duerch hir Funktiounen oder Kompetenzen erfuerdert ass. Délibéréieren däerf de Bureau awer net a Präsenz vun anere Persoune wéi sengen effektive Memberen, wéinst dem Huis clos. D'Opportunitéit vun enger Ausweidung oder Systematiséierung vun der Bedeelegung vu verschiddene MataarbechterInnen un de Reunioune vun de Schäfferéit a Bureaue vu Syndikater soll am Kontext vun der Analys vum Fonctionnement vun de Gemengenorganer insgesamt gekuckt ginn.

**Fro 4.**

D'„Weisungsrecht" ass ee Begrëff aus dem däitschen Aarbechtsrecht, deen et zu Lëtzebuerg, a fortiori an der Gesetzgebung, déi sech am ëffentleche Secteur appliz éiert, net gëtt.

**Fro 5.**

Dem Gemengegesetz no ass d'Surveillance vum Personal eng Kompetenz vum Schäfferot a vum Bureau vum Syndikat. Aus der éischter Phase vum Participatiounsprozess am Kader vun der Refonte vum Gemengegesetz huet sech erginn, dass souwuel déi Gewielten, ewéi och d'MataarbechterInne froen, fir déi alldeeglech Gestioun vun de Servicer anescht ze organiséieren. D'Optioun, dës Gestioun op den administrativen Niveau ze transferéieren, sou wéi et a villen europäesche Länner de Fall ass, wëll ech zesumme mam Syvicol am Detail diskutéieren an dozou e Virschlag maachen.

**Fro 6.**

All déi ugeschwaten Theme si Bestanddeel vun den Analysen an Iwwerleeungen, déi am Moment am Inneministère gemaach ginn an zu deene mer eis deemnächst mat eise Partner, an un éischter Stell de Gemengenautoritéiten, austausche wäerten.